move.Gaart

move.meco.lu
facebook.com/move.lu

De move.Gaart um Haff "A Sewen" zu Meespelt, ass e Gemeinschaftsgaart Projet vu Jonke fir Jonker. Mir plangen an ënnerhalen de move.Gaart zesumme mat den Awunner vum Haff mam Zil duerno och eist eegent Geméis unzebauen an z'Iessen. Hei fannt der Aktivitéiten déi mir mat move. um Haff organiséieren.

6. & 7. Mee 2017
vu Samschdes 14h bis Sonndes 14h

E Weekend am move. Gemeinschaftsgaart

Workshops - Uplanzen - Kreiderwanderung - Upcycling - Lagerfeier - Zelten : Op dësem Weekend plange mer zesummen eise Gaart, decidéiere wat mer uplanzen a léiere wéi mer dat alles maache musse fir datt mer am Summer eist eegent Geméis hunn.

13. Mee
Samschdes vu14h-16h

Adress: 26, rue de Cessange - Luxembourg

Ausfluch op d'Planzebourse

Op der Planzebourse siche mer zesummen eist Geméis eraus, dat mer an de Gaart wëlle setzen. Erklärunge gëtt et vum Claude Petit, Landwirtschaftsberoder am Oekozenter Pafendall. Duerno an/oder déi Woch drop planze mer d'Geseems zesummen an de Gaart!

20. Mee
Samschdes vu 14h-18h

Een Nomëtten mam Mazin Qumsiyeh

De Mazin ass Direkter vum "Musée naturel palestinien", Chercheur, Professer, Auteur an Aktivist. Hie setzt sech a senger Heemescht Palestina, fir d'Ëmwelt a Mënscherechter an. Komm laanscht op e flotten Nomëtten an Tausch dech aus mat engem ganz engagéierte Personnage!

Juni - Juli
Meeschtens Samschdes oder Sonndes

Komm an de move.Gaart hëllefen!

Maach einfach eng Mail op move@oeko.lu, du gëss dann um Lafende gehale wat am Gaart usteet.

15. - 17. September
vu Freides 17h bis Sonndes 15h

move.Summercamp

Du wëlls mat anere Jugendlechen aktiv ginn? Um move.Summercamp wäerte mer Aktivitéiten dobaussen ënnerhuelen, Spannend Workshop's maachen, Projete plangen, Geméis aus dem Gaart zéien an zum Ofschloss e klengt Fest beim Lagerfeier!

Du bass interesséiert un enger Aktivitéit deelzehuelen oder wëlls am allgemengen beim move.Gaart matmaachen?

Gratis Umeldungen iwwer Mail un move@oeko.lu!

Déi genau Adress kriss de bei der Umeldung